N°1806
Entrée le 21.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2025
Chambre des Députés

Monsieur Clause Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Ministesch fir Digitaliséierung, fir Fuerschung an Héichschoul souwéi de Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

D'Gesetz vum 28. Mee 2019 gesäit vir, datt ëffentlech Internetsitten an Applikatiounen accessibel musse sinn, och fir Mënsche mat enger Behënnerung. Den Accessibilitéitsrapport 2022-2024 vum «Service Information et Presse» weist awer op e puer wesentlech Defiziter hin:

- Bei der Accessibilitéit vun ëffentlechen Internetsitten an Applikatiounen zu Lëtzebuerg gëtt et Fortschrëtter, mee där Etude no bleift och nach Loft no uewen;
- Eng grouss Zuel vu PDF-Dokumenter sinn net accessibel, a betraffene Verwaltunge gräifen op gesetzlech Derogatiounsméiglechkeet «charge disproportionnée» zréck, fir nees konform mat de gesetzlechen Obligatiounen ze sinn.
- Vill Reklamatiounen, déi vu Bierger agereecht goufen, sinn ouni Äntwert bliwwen, souwéi an de Hallschent vun de Fäll iwwerhaapt keng Léisung ugebuede goufen.

Zousätzlech dozou huet d'Europäesch Kommissioun an hirem Rapport d'évaluation vun der Direktive (EU) 2016/2102 festgestallt, datt bis elo ënnerholl Moossname fir d'Accessibilitéit vun de Sitten ze verbessere gréisstendeels op Mënsche mat visuellen Aschränkunge cibléiert, wärend d'Bedierfnesser vu Persoune mat kognitiven Aschränkungen nach net genuch berécksiichtegt ginn[1].

An dësem Kontext, an am Hibléck op d'Aféierung vun deenen neie Bestëmmungen duerch d'Direktiv (EU) 2019/882, déi ab dësem Joer gëllt, wéilte mir follgend Froe stellen:

1. Wat fir Moossname ginn ënnerholl, fir d'Accessibilitéit vun den ëffentlechen Internetsitten an Applikatiounen ze verbesseren, besonnesch wat PDF-Dokumenter ugeet? Ass et virgesinn d'PDF-Formulairen duerch interaktiv online Formulairen ze ersetzen?
2. Wéi steet d'Regierung zu der Tatsaach, datt vill Reklamatiounen, déi vu Bierger agereecht goufen ouni Äntwert bliwwe sinn? Wat plangt d'Regierung hei ze ënnerhuelen?

[1] Réexamen de la directive (UE) 2016/2102 du Parlement Européen et du Conseil du 26 octobre 2016 relative à l'accessibilité des sites internet et des applications mobiles des organismes du secteur public, {SWD(2022) 410 final}.


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

3. Sinn den Ament am aktuelle Studieprogramm vun IT-Studenten obligatoresch Moduler iwwert «Accessibilitéit» virgesinn?
4. Wat fir spezifesch Mesuren si geplangt, fir d’Accessibilitéit vun ëffentleche Servicer fir Mënsche mat kognitiver Behënnerung ze stäerken?

Mat déiwem Respekt,

| Ben Polidori | Claire Delcourt |
| --- | --- |
| Deputéierten | Deputéiert |

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu